



N° 7226
Entrée le 23.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.11.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

Vum Congé pour raisons familiales kënnen all d'Employéen, Independanten a Léierjongen a -meedecher profitéieren. Et geet bei dëser Fräistellung dröms, fir den Elteren z'erméiglechen, no hirem kranke Kand ze kucken. Den Artikel L.234-51 vum Code de travail präziséiert allerdéngs net, wéi et ëm Persounen steet, déi an enger Aarbechtsmesur vum der ADEM schaffen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann een als Persoun an enger Occupation temporaire indemnisée (OTI) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
2. Kann een als Persoun an enger Contrat d'appui-emploi (CAE) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
3. Kann een als Persoun an enger Contrat d'initiation à l'emploi (CIE) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
4. Kann een als Persoun an enger Stage de professionnalisation (SP) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
5. Kann een als Persoun an enger Contrat de réinsertion-emploi (CRE) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
6. Kann een als Persoun an anere Beschäftigungsmesur vum der ADEM vum Congé pour raisons familiales profitéieren?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



CLEMENT Sven
Deputéierten

